




EXPEDITIONS-LOGBUCH



ODYSSEY '25

52.3311° N
5.5405° E

FNEI CAMP FÉDÉRAL

PERSÉINLECH INFORMATIOUNEN

Numm: _____

Sous-Camp: _____

Grupp: _____

Branche: _____

ADDRESS:

SCOUTINGLANDGOED ZEEWOLDE
Nulderpad 5
3896 LV Zeewolde
Niederlande



INHALTSVERZEICHNIS

INTRODUCTIOUN	6-7
GESCHICHT	8-9
KAART	10-11
WHO IS WHO?	12-35
Ech sinn ...	
Staff	
Sous-Camps	
PROGRAMM	36-65
Oflaf	
Camp Challenges	
Visitten	
Konstruktiounen	
ALLGEMENG INFOEN	66-77
Infirmérie	
Listening Ears	
Spullen	
Ëmwelt	
DICTIONNAIRE	78-83
SPILLER	84-103
LIDDER	104-133
FOTOEN	134-135

INTRODUCTIOUN

E Wuert vun de Campcheffen un eis Participante vum Odyssey'25!

No zwee Joer Preparatiounen a virun allem 12 Méint intensiver Organisatioun – ass et endlech souwäit. Wanns du deen heiten Text lies, da gehéiers du zu deene 460 gléckleche Persounen, déi mir hei zu Zeewolde am Scoutszenter vu Scouting Nederland um Federalscamp Odyssey'25 empfanke kënnen. Eng Ronn 70 Leit hunn am Virfeld vill Fräizäit gi fir dëse Camp op d'Been ze setzen an all hinne gëllt schonn emol e grouse Merci vun eis, dem Topstaff. Well ouni all eis Benevoller, déi sech hei engagéieren, wier dëse Camp net méiglech.

Dës 70 Leit – ech kann se net hei net all opzielen – sinn avillen Ekippen ënnerwee. Sou gëtt et zum Beispill eng Logistik-Ekip, den Transport an de Listening Ears, déi ënnert dem Steno (Philippe Berscheid) seng Responsabilitéit fält. Op der anerer Säit suergt de Picum (Diogo Costa) mat sengen Ekippen: dem Ravi, der Staffkichen an dem Shop, dass dir net vun de Bee faalt während dem Camp a mat senger Com-Ekip, dass dir och zu all Moment an och nach nom Camp vu Biller, Zeitungen a Videoe profitéiere kënnt. Och d'Campbichelchen geet op hir Rechnung.

Dann duerf et natierlech net u Programm a Visitten feelen an dofir huet de Bobac (Bob Schimberg) eng grouss Ekip versammelt, déi fir en equilibréierten, abenteuerlechen an awer och emol méi relaxe Programm wäerte suergen. Sie suergen dofir, dass dir no dësem Camp nach villen Generatiounen no iech vun dësem Camp kënnt erzielen.

Dann gëtt et natierlech nach eis Souscampen mat hieren Souscampcheffen. Och är Cheffen, déi dir all Samschden an der Versammlung, Weekender a Campe gesitt, ginn sech vill méi fir iech sou gutt ewéi méiglech ze ënnerstëtzen. Den Hystrix (Alain Fritsch) ass da fir den Iwwerbléck op de Souscampen an awer och fir 1. Hëllef zoustänneg an och hee wäert dir sou munch Kéieren op de Souscampen begéinen, wann heen seng Ronnen dréit.

Mee elo mol zu iech, d'Participanten! Mir hunn eis déi lescht Zäit drëms gekëmmert, dass dëse Federalscamp, deen an der Regel nëmmen all 4 Joer stattfënnt, zu stanne kënnt. Elo ass et un iech fir aus dësem Camp – dem Odyssey – eng onvergiesslech Rees duerch d'Geschicht vun Holland ze maachen, vill prägend Erlebnisser an Erfahrungen ze schafen an iwwert iech eraus ze wuessen. Sidd oppe fir Neies a maacht vill nei Bekanntschaften! Och mir waren eng Kéier do wou dir sidd an hu Kollegen a Frënn fir d'Liewe fonnt an zesumme vill Momenter erlieft vun deene mir haut nach zielen. Bei Geleeënheet, kënnt dir jo mol är Cheffen um Souscamp an awer och d'Leit vum Staff no hiren Erlebnisser vu Federalscampen froen. Gesitt dëst als eng riseg Chance fir en onvergiessleche Camp ze erliewen!

Ären Topstaff

Äre Campchef
Maral (Tom Leclerc)





Geschicht

Mir schreiwen d'Joer 1666 an de Vereenegte Provënze vun Holland, der Heemecht vu grouse Moler wêi Rembrandt, Rubens a Vermeer.

D'Provënzen hunn sech viru Kuerzem no engem laange Krich onofhängeg vu Spuenie gemaach an e Gefill vu Fräiheet an unbegrenzte Méiglechkeete läit an der Loft.

An dëser Zäit fueren déi grouss Entdecker vum Zäitalter vun der Renaissance mat hire Schëffer bis an déi ofgeleeënsten Ecker vun eiser Äerd, déi nach kee virdru gesinn huet.

Hei léiere mir d'Saskia an de Willem, zwee bescheiden Awunner vun de Vereenegte Provënzen, kennen. Si wëssen nach net, datt hiert Liewen duerch d'Schicksal vun engem Dag op deen aneren op d'Kopp geheit wäert ginn.

Nach wëssen si net, datt e mysteriéischt antikt Bild an eng joerhonnertal Tru, déi fir vill Geld vun der hollännescher Ostindien-Kompanie iwwert déi siwe Weltmierer bruecht goufen, fir si den Ausgangspunkt vun enger Rees, wêi d'Welt se nach net gesinn huet, wäerte sinn!

Mee mir Guiden a Scoute vun der FNEL wäeren natierlech keng richtig Guiden a Scoute, wa mir si op dëser Rees net ënnerstëtze géingen! Maacht iech also prett fir eng richtig ODYSSEY!



ZEEWOLDE SITE MAP

- Adventure House
- Top Staff
- Medical Center
- Programm
- Kommunikatioun
- Ravitaillement
- Staff Kichen
- Shop
- Activity Field
- Vëillée
- Amphitheater
- Buschaufferen
- Lounge
- Buvette
- Material & Logistik
- Sous-Camp
- Holz
- Listening Ear
- Douchen
- Toiletten



Who is Who?

* Ech sinn ...

* staff

* Soudscamps

◇ Scouten:

- Van Gogh
- Vintas
- Polder Piraten
- Draachepärel

◇ Explorer:

- Vincent Tasman
- Duyfken

◇ Rover:

- Aotearoa

ECH SINN ...

Scouten Souscamp 1:

VAN GOGH



Scouten Souscamp 2:

VINTAS



Scouten Souscamp 3:

POLDER PIRATEN



Scouten Souscamp 4:

DRAACHEPÄREL



Explorer Souscamp 1:

VINCENT TASMAN



Explorer Souscamp 2:

DUYFKEN



Rover Souscamp:

AOTEAROA



STAFF



STAFF

TOPSTAFF



CHEF DE CAMP

Tom LECLERC
MARAL



LOGISTIK/ TRANSPORT/ LIST. EARS

Philippe BERSCHIED
STENO



COM/ RAVI/ STAFFKICHEN/ SHOP

Diogo COSTA
PICUM



SOUSCAMPEN/ 1. HÄLLEF

Alain FRITSCH
HYSTRIX



PROGRAMM/ VISITTEN

Bob SCHIMBERG
BOBAC

RAVITAILLEMENT



Julie BOVE - COLIBRI

Loïc GRIVET - KIANG

Luc KRIER

Laurent LEY

Maripol ROLLINGER

Anne SLUNECKO

LOGISTIK



Marc EYSCHEN - BARIBAL

Christian JEMMING - ARATEL

Mike KREMER - MAKI

Michel RETTER

STAFF

SECRETARIAT / SHOP / BUVETTE

Carolyn MILNE

COMMUNICATION

Sam CONKLIN - **GUANACO**

Philippe DAUPHIN - **PAVO**

Jil KRIER - **FUSCA**

Alex LENERT - **MARMOT**

Tom NAU

Raphael MENASCE

LISTENING EARS

Tamara BIEWERS

Vicky PUNDEL - **SURI**

STAFF STAFFKICHEN

Léonie DONDELINGER

Carlo GRAAS - **BISON**

Lea HELFRICH

Jacqueline MANDY

Marc RIES

Diane Marie Jeanne STOLZ-PAGE

1. HÄLLEF

Jenny

Jennifer DEBAY

Felix KIFFER

Gilles MARTIN - **ORYX**

Tom PROST - **KARU**

STAFF

PROGRAMME COORDINATION



Pat HALSDORF - **HIRONDELLE**

Ben KIFFER

PROGRAMME ANIMATION



Chris BACKES

Gilles BACKES

Aleksis PIRON - **PONGO**

Valerie TURK

PROGRAMME SPORT



Kim CHRISTEN

Lis CHRISTEN

Michel GRUENEISEN

PROGRAMME HIKE



Georges HAMES

Catherine KREMER

PROGRAMME VISITTEN



Djuna BERNARD - **GALAH**

Laura DEFFOIN

Lea JEMMING - **ASHERA**

Lea SCHWARTZ

PROGRAMME ONSITE



Vicky BIGELBACH

Lynn KRAUS

Pauline PROES

ARCTURUS

SCOUTEN SOUSCAMP 1



Ahoi! Mir sinn d'Lea an d'Lilly vun de Piwitschen a leeden zesummen de Souscamp 1 vun de Scouten. Mir kënnen et kaum erwaarden, iech all an Holland ze gesinn an zesumme mat iech ee MEGA Summercamp ze hunn! Dofir kritt dir alt mol schon ee klengen Abléck:

Mir hunn eise Souscamp nom Van Gogh gedeeft, a wéi dir bestëmmt scho wësst, war hien ee bekannte Kënschtler aus dem 19. Joerhonnert. Awer amplaz hei elo laang op seng historesch Bibliografie anzegoen, presentéiere mir iech e puer witzeg Fakten iwwert hien.



De Van Gogh huet verhältnisméisseg an engem héijen Alter (jo, mat 27 ass ee scho bal gro um Kapp) ugefaange mat molen. Hien huet insgesamt iwwer 900 Biller gemoolt, an dat innerhalb vun 10 Joer. Elo awer déi traureg News: dovun huet hien deemools just een eenzegt verkaf... Vlächet war dat och de Grond firwat hien sech no engem Sträit mat sengem Kolleeg, dem Paul Gauguin, säi lénkst Ouer (oder op mannst emol ee Stéck dovun) ofgeschnidden huet, esou genau weess dat awer keen... De Van Gogh, dee mir iwwregens bal alleguerte falsch ausschwätzen, well op hollännesch ass et éischter „Van Choch“, ass leider eréischt no sengem Doud immens bekannt ginn a seng Wierker sinn haut des Daags e puer Milliounen wäert.

Well mir dem Van Gogh nach eng Kéier eng Chance wëlle ginn, e puer Biller ze molen, huele mir hie mat u Bord, zesumme mat de Mamer Wiselen, de Caper Piwitschen an de Panthères Noires. Wat ee Gléck, dass eis Campplatz direkt un engem groussen Kanal läit op deem ee vill sportlech Aktivitéiten maache kann!! Am Hollännesche gëtt et souguer ee Wuert dofir, nämlech „Grachtensport“ (op Lëtzebuergesch näischt anescht wéi „Kanalsport“ ;). An do hutt dir och scho bal eise Kreesch eroden...

Mee deen, léif Scouten, verrode mir iech réischt an Holland!

VINTAS

SCOUTEN SOUSCAMP 2



Moiën Alleguer ! De Souscamp 2 ass no zwee groussen nidderlännesche Berüümtheete benannt. An zwar besteet den Numm Vintas aus zwee Deeler. De „Vin“ steet fir de moleresche Kënschtler Vincent van Gogh an den „Tas“ fir de Séifuerer Abel Janszoon Tasman.

De Vincent van Gogh misst de meeschte bekannt sinn, hie war e berüümte Moler an Zeechner. Hien gellt als Begrënner vun der moderner Molerei. Den Abel Janszoon Tasman war dogéint e grouse Séifuerer an hat a senge Liewensjoren den australesche Kontinent ëmseegeelt. Hien war zousätzlech den éischten Europäer deen Neuseeland erreecht hat.



Him zu Éiere, gouf d'australesch Insel Tasmanien no him benannt. Des zwou Berüümtheete sinn duerch hir Eenzegaartegkeet, Zielstrebechkeet an Entdeckerloscht bekannt ginn. Des Wäerter an nach fill mei, wëlle mir op eise Souscamp ënnert dem Numm Vintas verkierperen.

Nodeems dir elo e kleng geschichtlechen Abléck hat, wëlle mir eis als Souscampcheffen och eng kéier kuerz virstellen. Mir sinn insgesamt zu dräi Souscampcheffen, de Philip vun den Dippecher Dachsen, de Luc vun de Castoren an den Tarpan vun de Castoren. Op eise Souscamp 2 si follgend Gruppe vertrueden: Dippecher Dachsen, Castoren, Hirsch, Réidener Luchsen a Peaux-Rouges.

Mir freeën eis op des dynamesch Duerchmëschung vu verschiddenen Gruppen a mir hoffen, dass mir alleguer zesummen op dësem Summercamp Odyssey 2025 onvergiesslech Momenter zesumme wäerten erliewen an nei Frëndschafte schléissen.

POLDER PIRATEN

SCOUTEN SOUSCAMP 3



Mäin Numm ass Anja Bigelbach, ech hu 24 Joer, a sinn säit de Beaver bei den Wëll Sai Steesel wou ech mëttlerweil Assistant Chef de Group sinn.

Hallo. Ech sinn de Mammot 25 Joer a Chef bei de Lions Bleus. Ech sinn do Gruppechef an Explorerchef. An den Odyssey gëtt mäin 10ten Summercamp.



Mir sinn d'Polder Piraten

Piraten ouni Mier, mee mat vill Waasser! E Polder ass Land, dat vun de Mënschen vum Mier zeréckgehol goug a mat Dämme geschützt gëtt. Do fuere mir mat Konstruktiounen amplaz Schëffer.



DRAACHEPÄREL

SCOUTEN SOUSCAMP 4



Hey, mir sinn 3 dräi Cheffen aus den Echternnoacher Quaichleken.

Eemol d’Jeanne oder och Quokka genannt, hat huet 23 Joer. Als Beaver huet hat ugefaangen an ass mëttlerweil Chef de Meute an Assistant Chef de Groupe.

D’Claire an de Pete hunn och als Beaver gestart a si grad 22 Joer jonk . D’Claire ass Chef de Colonie an de Pete ass Scoutschef esou wei och aktiv an der Roverequipe.

Mir sinn de Souscamp Draachepärel.

Eisen Numm setzt sech engersäits aus dem Schëff „De vergoldeten Draach“, dat 1655 mat 8 True Selwermënz a mat enger Besatzung vun 193 Léit vun Texel op Jakarta gestart ass an anerersäits aus dem berühmte Bild „d’Meedche mat dem Päreloerrëng“ wat 10 Joer mei spéit vum Vermeer gemoolt ginn ass zesummen.

Op eise Souscamp sinn: d’Kiewerlecken, d’Kriibsen, d’Gréng Scouten, d’Fiiss, d’CBDM, d’HOGA, Däreldeiren, d’Feldmais an d’Quaichleken. Zesummen si mir soumat 39 Scouten an 11 Cheffen.

VINCENT TASMAN

EXPLORER SOUSCAMP 1



Den Abel Tasman ass een hollännesche Séifuerer dee vun 1603 bis 1659 gelieft huet. Op sengen Entdeckungsreesen huet hien den Australesche Kontinent ëmseegelt a war ënner anerem dee éischten Europäer a Neuseeland. No him gouf zum Beispill déi australesch Insel Tasmanien oder och Tasmansee, zweschen Australien an Neuseeland, benannt. Mir verbannen also mat deem Numm déi hollännesch Konscht-an Entdeckergeschicht.

Den Numm Vincent Tasman besteet aus zwou Persounen, dem Vincent van Gogh an dem Abel Tasman.

De Vincent van Gogh ass een hollänneschen Kënschtler dee vun 1858 bis 1880 gelieft huet. Hien zielt zum Begrënner vun der moderner Molerei. Mat Wierker wei der Sternennacht, fünfzehn Sonnenblumen oder sengen Selbstbildnissen ass en bekannt ginn, a fasziniert bis haut nach Leit ronderëm d'Welt.

DUYFKEN

EXPLORER SOUSCAMP 2



Mam Shady sengem Seegelschäin an dem Daniel säi Wësse vu Konscht leede mer lech duerch d'Odyssey an Holland! Zesumme mat eiser Mannschaft si mer daat perfekt Team fir den Odyssey mat ärer Hëllef ze meeschteren.

Duyfken, och nach „petite colombe“ oder „kleng Dauf“, dëst ass eist Symbol fir den Odyssey. Esouwéi d'Explorer huet d'Dauf eng Virleift fir Abenteuer an néi Plätzen, eng gutt Bezéiung zur Natur an hellt sech natierlech och Zäit fir Momenter gemeinsam a gemittlech rëmzekerien.



Mee eisen Numm ass net nëmme vun den Explorer inspiréiert mee och vun zwee Personagen aus der holländescher Vergaangenheet.

Em den Ënn vum 16. Joerhonnert hunn de Joris Hoefnagel an de Willem Janszoon d'Welt gepräagt. De Joris war e Moler deen d'Natur an d'Déierewelt dokumentéiert huet duerch seng Biller, ënnert anerem d'Duyfken. Hien zielt ass eng vun de gréissten Inspiratiounen fir Landschafts- an topografesch Biller.

De Willem Janszoon wor en holländesche Kapitän dee virun allem an Indonesien ënnerwee war. De Willem huet 1603 d'Leedung vum Schëff „Duyfken“ iwwerhollt. Als Kapitän vum „Duyfken“ huet de Willem op der Sich no neiem Land seng Mannschaft a Richtung Australien geleet, wou et 1605 esou koum datt de Willem a seng Mannschaft déi éischt Europäer waren déi an Australien u Land gaange sinn.

D'Rou an d'Bezéiung zur Natur déi mir vun den Explorer genéissen huele mir vun der Geschicht vum Joris Hoefnagel während de Willem Janszoon eis d'Abenteuer liwwert. Mat hinnen zesummen si mir dem Odyssey seng Duyfken!

AOTEAROA

ROVER SOUSCAMP



Den Numm „Aotearoa“ heescht souvill wéi „Land vun der laanger wäisser Wollek“ op Maori, heimadden ass Neu-Seeland gemengt.

Neu-Seeland gouf am 17ten Joerhonnert vum vum hollänesche Entdecker Abel Tasman entdeckt, an eise Logo/Fändel (de Kanu „Waka“) ass inspiréiert un der Zeechnung „Golden Bay“ vum hollänesche Kënschtler a Kaartenzeechner Isaac Gilsemans, dee mat um Schëff vum Abel Tasman war, wéi Neu-Seeland entdeckt gouf. Op der Zeechnung „Golden Bay“ ass den éischten Kontakt zweschen dem Abel Tasman senger Crew mat de Maori festgehale ginn.

Mike: Ech sinn de Mike (Totem: Banteng) a sinn zanter bal 26 Joer an de Wiselen an nieft de Scouten, sinn ech begeeschterte Gamer a schaffen och gären um Bauerenhaff vu mengem Brudder.

Max: Ech sinn de Max (Totem: Nyati) a sinn säit 14 Joer an de Castoren a mäin Hobby nieft de Scouten ass Fotografie.

An zesumme rocke mir den Rover-Souscamp.



Programm

- * Programm
- * Camp Challenges
- * Visitten
 - Harderwijk
 - Amsterdam
 - Spakenburg
- * Konstruktiounen

PROGRAMM

	SC1 Van Gogh	SC2 Vintas	SC3 Polder Piraten	SC4 Draachepärel
Sam 19/07	Bus	Bus	Bus	Bus
	Camp	Camp	Camp	Camp
	Ouverture	Ouverture	Ouverture	Ouverture
Son 20/07	Camp	Camp	Camp	Camp
	Camp	Camp	Camp	Camp
	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit
Méi 21/07	Hike	Camp	Camp	Camp
	Hike	Camp	Camp	Visite
	Hike	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit
Dën 22/07	Hike	Hike	Camp	Camp
	Hike	Hike	Visite	Camp
	Owesprogramm	Hike	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit
Mët 23/07	Camp	Hike	Hike	Sportaktivitéit
	Beach	Hike	Hike	Sportaktivitéit
	Beach	Owesprogramm	Hike	Owesaktivitéit
Don 24/07	Camp	Camp	Hike	Hike
	Camp	Beach	Hike	Hike
	Owesaktivitéit	Beach	Owesprogramm	Hike
Fre 25/07	Camp	Camp	Camp	Hike
	Visite	Visite	Beach	Hike
	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Beach	Owesprogramm
Sam 26/07	Open Pots	Open Pots	Open Pots	Open Pots
	Kiermes	Kiermes	Kiermes	Kiermes
	Owesprogramm	Owesprogramm	Owesprogramm	Owesprogramm
Son 27/07	Olympiad	Olympiad	Olympiad	Olympiad
	Olympiad	Olympiad	Olympiad	Olympiad
	Olympiad	Olympiad	Olympiad	Olympiad

	SC1 Van Gogh	SC2 Vintas	SC3 Polder Piraten	SC4 Draachepärel
Méi 28/07	Sportvisite	Visite	Sportaktivitéit	Camp
	Sportvisite	Visite	Sportaktivitéit	Beach
	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Beach
Dën 29/07	Camp	Sportvisite	Visite	Camp
	Visite	Sportvisite	Visite	Visite
	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit
Mët 30/07	Visite	Sportaktivitéit	Camp	Sportvisite
	Visite	Sportaktivitéit	Visite	Sportvisite
	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit
Don 31/07	Sportaktivitéit	Camp	Sportvisite	Visite
	Sportaktivitéit	Visite	Sportvisite	Visite
	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit
Fre 01/08	Camp	Camp	Camp	Camp
	Apaaken	Apaaken	Apaaken	Apaaken
	Veillée Clôture	Veillée Clôture	Veillée Clôture	Veillée Clôture
Sam 02/08	Ofriichten	Ofriichten	Ofriichten	Ofriichten
	Retour Bus	Retour Bus	Retour Bus	Retour Bus

PROGRAMM

	EX1 Vincent Tasman	EX2 Duyfken	RO Aotearoa
Sam 19/07	Bus	Bus	Bus
	Camp	Camp	Camp
	Ouverture	Ouverture	Ouverture
Son 20/07	Camp	Camp	Camp
	Camp	Camp	Camp
	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit
Méi 21/07	Camp	Visite	Sportaktivitéit
	Visite	Visite	Sportaktivitéit
	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit
Dën 22/07	Sportvisite	Sportaktivitéit	Camp
	Sportvisite	Sportaktivitéit	Camp
	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Visite
Mët 23/07	Visite	Sportvisite	Camp
	Visite	Sportvisite	Camp
	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit
Don 24/07	Camp	Camp	Visite
	Camp	Visite	Visite
	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit
Fre 25/07	Sportaktivitéit	Camp	Sportvisite
	Sportaktivitéit	Camp	Sportvisite
	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit
Sam 26/07	Open Pots	Open Pots	Open Pots
	Kiermes	Kiermes	Kiermes
	Owesprogramm	Owesprogramm	Owesprogramm
Son 27/07	Olympiad	Olympiad	Olympiad
	Olympiad	Olympiad	Olympiad
	Olympiad	Olympiad	Olympiad

	EX1 Vincent Tasman	EX2 Duyfken	RO Aotearoa
Méi 28/07	Hike	Camp	Camp
	Hike	Visite	Visite
	Hike	Owesaktivitéit	Owesaktivitéit
Dën 29/07	Hike	Hike	Camp
	Hike	Hike	Apaaken
	Hike	Hike	Beach
Mët 30. Jul	Hike	Hike	Hike
	Beach	Hike	Hike
	Beach	Hike	Hike
Don 31/07	Camp	Hike	Hike
	Visite	Beach	Hike
	Owesaktivitéit	Beach	Hike
Fre 01/08	Camp	Camp	Hike
	Apaaken	Apaaken	Beach
	Veillée Clôture	Veillée Clôture	Veillé Clôture
Sam 02/08	Ofriichten	Ofriichten	Ofriichten
	Retour Bus	Retour Bus	Retour Bus

CAMP CHALLENGEN

1. Mach eng Foto mat all Sous-Camp Chef
2. Tausch een internationale Foulard
3. Sammel Ënnerschrëften vu Scoute vu 5 verschidden Natiounen a loss hieren Fändel dobäi molen
4. Maacht eng Foulard's Schlaang mat 60 Foularden
5. Sammelt Blieder a Blummen, leet ee Mandala an maach eng Foto
6. Sich Scoute vu 5 verschidden Nationalitéiten, loos si an hierer Sprooch „Moien a Merci“ soen a film si dobäi
7. Sich 12 Scouten déi jeeweils an engem aneren Mount Gebuertsdag hunn. Schreif Numm, Sous-Camp, Grupp a Gebuertsdag op

8. Fannt raus wien dee jéngsten Scout um Camp ass
9. Schmink eng Persoun vun dengem Sous-Camp mat Naturmaterialien a maach eng Foto
10. Maach ee Frëndschaftsband fir ee Frënd/eng Frëndin a maacht eng Foto vun iech

11. Fal 2 verschidden Origami-Deieren

Ideen:



12. Maach een Interview mat engem Staffmember/ Sous-Camp-Chef
13. Komponéier/ Schreif ee klengt Camplidd (eng Strof & Refrain)

CAMP CHALLENGEN

14. Bau ee Kaartenhaus (min 10 Kaarten an 2 Stück)
15. Schreif mat denge Frënn mat ärem Kierper ee Wuert (jiddweree vun iech kann dës Challenge ofhaken)
16. Knuet-Speed-Test: Wéi vill richtig Scoutskniet kanns du a 5 Minutte maachen?
17. Richtung mat der Sonn bestëmmen: Probéier d'Himmelsrichtungen erauszefannen ouni Kompass – nëmmen duerch d'Sonn oder Naturzeechen.
18. Natur-Konschtwierk: Bau a 10 Minutten e klengt Konschtwierk just mat Naturmaterialien – keen Pësch
19. Schreif däin Numm a 4 verschidden Geheimschrëften
20. Symbol fir de Camp: Erfann e Symbol oder Logo, wat deng Camperfahrung am Beschten duerstellt – zeechne a kuerz erklären.
21. Schreif e klengt Gedicht iwwert: Feier, Frëndschaft, Bësch oder ee Scoutscamp
22. Fann 2 Leit déi dee selwëschten Dag Gebuertsdag hunn. Schreif Numm, Sous-Camp, Grupp a Gebuertsdag op
23. Mol ee Croquis vun der Campplatz a beschrëften
24. Kacht eppes mat dem Solarkocher. Dësen kënnt dir bei der Programms'équipe ausléinen.
25. Iwwerlee dir eng Animatioun fir Owes beim Lagerfeier. Se soll mind. 5 Minutte laang sinn.

CAMP CHALLENGEN

26. Organiséier ee Flashmob an dengem Sous-Camp
27. Naturtagebuch: Féier een Naturtagebuch wous du Saachen aus der Natur, déi dir gefallen, (Landschaft, Deier, Planz,etc..) zeechens/ opschreifs/ beschreifs. (mind. 5 verschidde Saachen)
28. Schnëtz dir ee Kichenutensil a benotz e beim Kachen
29. Bastel eppes aus recycléiertem Material a schenk et dengem Sous-Camp Chef
30. Maacht engem Staff Member ee Kaddo
31. Maach/ Schreif een Artikel fir an d'Campzeitung
32. Probéier 2 Leit mateneen ze verkoppelen (Partnervermittlung)
33. Maach engem Staffmember eng (iwwerdriwwen) Visite Guidée vun der Campplatz
34. Film dréinen: Maach eng Reklamm fir de Scoutscamp Zeewolde (Tabue festleeën)
35. Laf 5 Meter iwwert d'Waasser

HARDERWIJK

TEMPS LIBRE AN ENGER STAD MAT CHARME!

Harderwijk ass eng kleng Stad mat ronn 50.000 Awunner direkt um „Veluwemeer“. D’Haaptindustrie sinn hautdesdaags den Tourismus an den Einzelhandel.

Am Mëttelalter war Harderwijk eng grouss Nummer. Et war eng wichteg Hafestad an huet souguer zu den Hansestied gehéiert, ënner anerem well si eng verhältnisméisseg gutt Verbindung iwwer Land zum Rhäin haten. Si hu vun der Fëscherei gelieft a ginn och nach haut dofir mat der Aalfëscherei a Verbindung bruecht. Och soss fënnt een an der Bannestad nach lauter Iwwerbleibsel vun der Geschicht vun Harderwijk, esou wéi de „Vischpoort“, een Deel vun der aler Stadmauer, oder och den alen Hafe mat historiesche Schëffer. Sait 1969 steet de Stadkär och ënner Denkmalschutz.

Während der Visite hutt dir Temps libre a kënnst d’Alstad op eege Fauscht entdecken. Iwwregens gëtt Harderwijk „Haachderwäik“ ausgeschwat. Mat all deem Wesse kann et lassgoen: Vill Spaass an der Hansestad Harderwijk!



AMSTERDAM


STAD VUN DER FRÄIHEET, GESCHICHT A KREATIVITÉIT

Amsterdam ass d'Hauptstad vun Holland an ass bekannt fir seng vill Kanäl, d'Vëloen an déi schmuel, dacks schéi schif Haiser an der aler Stad. D'Stad ass modern, oppe fir jidderee a gëtt vu Leit aus der ganzer Welt besicht. Amsterdam gëtt dacks als Vëlosstad Nummer 1 bezeechent: Et ginn do méi Vëloen ewéi Awunner, a mat de Vëloen ze fuere schützt d'Ëmwelt an ass eng flott Erfahrung.

Am 17. Joerhonnert, der Zäit vum „Gëllene Joerhonnert“, war Amsterdam eng vun de wichtigsten Handelsstied vun der Welt, virun allem wéinst der berühmter Nidderschlescher Ostindien-Kompanie. Haut ass d'Stad en Zentrum fir Konscht, Wëssenschaft, nei Technologien a souguer international Politik. Muséeën wéi d'Anne-Frank-Haus, d'Rijksmuseum oder dat modern NEMO Science Museum erziele spannend Geschichten, an am NEMO kann ee vill selwer ausprobéieren. D'Stad setzt staark op Nohaltegkeet: et gi E-Booter, gréng Daachlandschafte a vill Solarenergie.

Fun Fact: Amsterdam huet iwwer 1.200 Brécken, domat méi wéi Venedeg!

Ob mam Vëlo laanscht d'Grachten, beim Entdecke vu Street-Art oder beim Relaxen an engem vun de ville Parken – Amsterdam ass voller Iddien a Méiglechkeeten.



AMSTERDAM

MUSÉEN ZU AMSTERDAM

NEMO SCIENCE MUSEUM


De NEMO ass dee gréisste Wëssenschafts- a Technologiemusée aus Holland an zielt zu de beléifste Muséeë fir Kanner a Jonker. Op véier Etage kann een experimentéieren, entdecken a léieren – a virun allem: alles ausprobéieren! Et geet ëm Energie, Elektrizitéit, Robotik, d’Gehir, de mënschleche Kierper an nach vill méi. Alles gëtt op eng spilleresch an interaktiv Aart erkläert. Et ass eng Plaz, wou d’Fuerschen a d’Staunen Spaass maachen.


ANNE FRANK HUIS

D’Anne-Frank-Haus ass eng ganz emotional an ergräifend Plaz. Hei huet d’Anne Frank zesumme mat senger Famill a mat anere Leit während dem Zweete Weltkrich iwwer zwee Joer laang am Verstoppten gelieft, fir net vun de Nazië fonnt ze ginn. Am Haus gesäit een d’Geheimannex an och Original-Géigestänn, wéi säi Tagebuch. Et ass e Musée, deen op roueg a respektvoll Aart erzielt, wat et heescht, verfollegt ze ginn – a wéi wichteg Fräiheet, Courage a Mënschlechkeet sinn.

RIJKSMUSEUM

De Rijksmuseum ass dee bekanntste Konscht- a Geschichtsmusée aus Holland. E weist eng gewaltig Sammlung vu Konschtwierker aus méi wéi 800 Joer hollännescher Geschicht. Hei kann ee Meeschterwierker vu grouse Moler ewéi Rembrandt, Vermeer oder Frans Hals bewonneren. De Musée läit an engem monumentale Gebai a kombinéiert Konscht mat enger fantastescher Architektur!





SPAKENBURG

EN VĚLO AUSFLUCH OP SPAKENBURG

Spakenburg ass eng kleng Hafenstaat vun der Gemeng Bunschoten an der Provĕnz vun Utrecht an huet ronn 20.000 Awunner. Ab dem 15. Joerhonnert huet d'Staat vun der Fĕscherei an dem Fĕschhandel gelieft. D'Awunner vu Spakenburg sinn ěmmer mat engem spezielle Boot gefuer, deen "Botter" genannt gĕtt. Dĕi Botter hu wĕrend all Joreszĕit Fĕsch gefaangen: Hering a Sardinnen am Frĕijoer, Flunder an Aal am Summer a Stint a Crevetten am Wanter. De Fĕsch gouf dann zu Spakenburg op der stĕttescher Auktioun an an der Gĕigend verkaf.

Am 19. Joerhonnert ass d'Berufsfĕscherei explodĕiert an d'Zuel vu Schĕffer am Hafen ass vu 34 op 193 gestigen. Do fir gouf 1886 en neien Hafe gebaut an den Ale renovĕiert. Mat der Zĕit huet d'Fĕscherei ěmmer mei ofgeholl, bis dass de leschte Fĕsch 1987 op der Auktioun zu Spakenburg verkaf gouf. Hautdesdaags ass Spakenburg haauptsĕchlech fir seng Bĕckereie bekannt dĕi hier Wueren a ganz Holland liwweren.

Parallel dozou gouf vun 1923 bis 1931 den "Afsluitdik" iwwert d'Zuiderzee gebaut; des Digue vun 32km

verbĕnnt Wieringen mat Sĕd-Friesland. Doduerch ass d'Ijsselmeer entstanen, wat dono och nach zum Deel agedeicht gouf. Dĕi Entwĕsserung ermĕiglecht et u Land ze gewannen, wat och "Polder" genannt gĕtt. Sou schwĕtzt een an Holland also vun enger Polderlandschaft, gekennzeechent duerch flaacht Land mat Dĕmm dĕi Kilometere laang sinn an sech ronderĕm Flĕss a Sĕi erstrecken. Dĕs Landschaft kennt der da wĕrend dem Vĕlo fueren entdecken!














OP DER FOTO:

1. Afsluitdijk
2. Spakenburg
3. Zeewolde (Campplatz)





KONSTRUKTIIONEN




KONSTRUKTIONEN



* Verbann déi gréisst Zuel mam éischte Buschtaf, dann déi nächst Zuel mam nächste Buschtaf, a sou weider.









KONSTRUKTIONEN



Netz flechten fir Infoen opzehänken

- Préparer le cadre du filet avec une perche horizontale ou une corde tendue entre deux arbres.
- Amarrer avec des têtes d'alouette les brins de ficelle par leur milieu : ces ficelles sont d'une longueur égale à 4 fois la hauteur prévue.
- Utiliser le nœud de tisserand ou le nœud plat.
- Se servir d'un gabarit pour réaliser des mailles régulières.





Allgemeng Infoen

- * Infirmierie
- * Listening Ears
- * Spullen
- * Ëmwelt

INFIRMERIE



INTRODUCTION

Du hues der wei gedoen oder du fills dech net gutt? All Patrull huet eng Éischt-Hëllef-Poche dobäi an op all Sous-Camp ass eng gréisser Éischt-Hëllef Këscht fir déi kleng Boboen ze behandeln. Dofir schwätz fir d'éischt mat dengem Chef, resp. Sous-Camp-Chef, iers du an d'Infirmierie kënns.

